


# Action pour un Monde Uni

Photo: Visite de projet à l'école Lokusero au Kenya, 2023

Organisation non gouvernementale (ONG) agréée par le Ministère de la Coopération et de l'Action humanitaire



## Bulletin 2/2 de novembre 2024

BIL LU14 0021 1349 0900 0000 CCP LU83 1111 1287 6344 0000
RCS Luxembourg F3567

11, Kirchestrooss L-5741 Filsdorf
Tél.: 26 67 12 61 Fax: 23 67 63 75 www.amu.lu office@amu.lu

## Léif Frënn vun der AMU,

D'Zäit verflitt ! Virun engem gudde Joer hu mir eisen 30. Anniversaire zu Dikrech am LCD gefeiert a lo, 1 Joer méi spéit, fannt dir an dësem Bulletin een Artikel, deen eis staark un eisen Ursprong erënnert. Ween d'AMU scho méi laang kennt, weess dass eis ONG 1992 matgegrënnt gouf vum Bechara Ziadé. Seng Iddi war et de Flüchtlinge vum Krich am Libanon ënnert d'Äerm ze gräifen. Als ONG wënscht een sech u sech dass een iergendwann net méi gebraucht gëtt. Am Libanon war dat och iergendwann sou, an d'AMU huet sech op aner Länner konzentréiert. Leider léist déi katastrophal Situatioun am Noen Osten eis net roueg, a wéi virun iwwer 30 Joer wëlle mir d'Léit an dësem Konflikt net am Stach loossen. De Bechara an de Claude ginn iech an dësem Bulletin méi e genauen Abléck wou a wéi d'AMU hëllefe well.

Nieft dem Artikel zum Libanon fannt dir an dësem Bulletin awer och zwee flott Temoignagen vu jonke Léit déi sech bei eis engagéieren. Engersäits vum Max, deen d'AMU scho laang Jore kennt an eis och alt scho bei där enger oder anerer Aktivitéit ënnert d'Äerm gegraff huet. Hien war eemol mat op d'Plaz an Tansania sech d'Projeten ukucken. Hien erzielt eis seng Andréck vu senger éischter Visite zesumme mam Claude a Jean-Paul am September an Tansania.



De Claude zesumme mam Sarah an der Casa de los niños a Bolivien, Abrëll 2024



An der Schoul Hekima an Tansania

2019 hu mir d'Sarah De Demo kenne geléiert, hatt war op 1ère a voller Energie. D'Sarah wollt sech engagéieren an engem Projet vun der AMU. Nodeems Onrouen a Bolivie ware, huet seng Rees op Januar 2020 an e Projet an Argentinie misste verluecht ginn. Dir all erënnert iech wat am Mäerz 2020 lass war… bedéngt duerch de Covid-19, hunn d'Sarah an d'Sally deemools am Mäerz fréizäiteg missten heem kommen. D'Sarah huet de Kontakt zu eis awer ëmmer oprecht erhal an hatt hat fest am Kapp, säi Volontariat a Bolivien eemol nozehuelen. Gesagt, getan! An lo e puer Joer méi spéit nodeems hatt säi Studium an der Psychomotricitéit ofgeschloss huet, schafft hatt an eisem Projet a Bolivien. Hatt erzielt iech vu sengen Andréck sur place.

Schlussendlech deele mer mat iech e puer Nouvellen aus eisem Projet am Uganda. Wärend Uganda laang Joren nieft Südafrika eent vun de Länner mat de meeschten HIV Infizéierten op der Welt war, verbessert d'Land sech ëmmer weider an d'Zuele ginn zréck. Och eise Partner mescht an dësem Beräich eng immens wichteg a wäertvoll Aarbecht a kuckt nieft dem medezineschen Zoustand vum Patient, dass d'Leit, och wann se HIV positiv sinn, sech nees an d'Gesellschaft integréiert kréien.

Ech wënschen iech eng flott Lecture an hoffen iech op eiser Porte Ouverte zu Fëlschdref den 29.11, 30.11 an/oder 1.12 ze gesinn.

Jil Streber
Gestionnaire de projets

## … Appel pour le Moyen Orient - Urgence Liban

L'Action pour un Monde Uni, en collaboration avec l'ONG Humanité Nouvelle de Belgique, lance un appel pour venir en aide aux familles forcées de quitter leur logement dans l'urgence sans rien emporter.

La situation au Moyen-Orient continue de s'aggraver, le groupe de coordination des urgences du Mouvement des Focolari au Liban, confirme sa proximité avec les populations touchées et poursuit ses efforts pour alléger les nombreuses souffrances en essayant d'offrir, dans la mesure du possible, ce qui est nécessaire à la survie.




En ce sens, depuis fin septembre 2024, un engagement s'est spécialement étendu au Liban, où le Centre Mariapolis La Sorgente et l'Institut de Rééducation Audio-Phonétique IRAP, situé à 20 kilomètres du nord de Beyrouth - ont ouvert leurs portes aux personnes déplacées fuyant les bombes qui dévastent le sud du pays. Des centaines de personnes sont accueillies et aidées en ces lieux et dans d'autres endroits. Des activités récréatives sont organisées avec les jeunes afin de les distraire de la situation dramatique que traverse la région. Des psychologues offrent un soutien psychologique aux familles.

A travers Bernard Keutgens nous avons un contact direct au Liban. Bernard, de nationalité belge, a vécu et travaillé au Luxembourg (thérapeute familial dans le Centre de Pédopsychiatrie du CHL). Il était membre de AMU Luxembourg. En 2018, il s'est déplacé à Alep en Syrie pour collaborer comme coopérant psychothérapeutique avec AMU Italie et son partenaire local, « Seeds of Hope - SoH ». Grâce à sa remarquable expérience professionnelle dans le domaine de la santé mentale et avec les personnes handicapées, il s'est mis à disposition pour groupes et organisations locales, familles, etc. Suite aux escalades de violence en Syrie, Bernard a décidé de voyager au Liban où il rencontre de nouveau une situation qui exige ses compétences et expertises.





Le manque d'électricité dans les centres d'accueil est l'une des principales difficultés rencontrées. L'électricité n'est disponible que pendant une heure par jour, ce qui rend le stockage des denrées périssables pratiquement impossible.

Notre contribution financière permettra de fournir de l'eau, du mazout, de la nourriture, des médicaments, des vêtements et des kits d'hygiène. De plus, il leur faut d'urgence des couvertures, des aides pour les frais pharmaceutiques, les examens cliniques, les interventions chirurgicales et les frais de santé en général.

Malgré la complexité de la situation, nos amis au Liban restent aux côtés des communautés touchées et continuent à travailler pour donner de l'espoir aux gens.

Claude Steichen

**Notre projet d'urgence pour le Liban**

Si vous voulez aider, vous pouvez faire un don sur le compte de l'a.s.b.l. Action pour un Monde Uni:

CCPL LU83 1111 1287 6344 0000

avec la mention "Aide au Liban".

**Dès à présent, un grand Merci pour votre générosité!**



**Contact Action pour un Monde Uni**

Siège Social/Bureau
11, Kiirchestrooss L-5741 Filsdorf
Les permanences du bureau:
lundi à jeudi toute la journée
Tél: 26 67 12 61 - office@amu.lu - www.amu.lu
www.facebook.com/ActionpourunMondeUni
www.instagram.com/ActionpourunMondeUni

**Le conseil d'administration**

Claude Metz (président), Tom Steichen (vice-président), Jean-Paul Frank (trésorier), Brigitte Wciorka (secrétaire), Christiane Stein, Marianne Harpes (membres)

Jil Streber et Claude Steichen (gestionnaires de projets)

## All Ufank ass schwéier...

Mäin Numm ass Sarah De Demo an ech sinn elo säit néng Méint am Projet "Casa de los niños" zu Cochabamba a Bolivien. Ech hu mech als frësch diploméiert Psychomotorikerin an dësem Projet engagéiert, well en ënner anerem Therapië fir jonk Kanner a Jugendlecher ubitt.

Meng Ziler waren et ënner anerem eng ganz aner Kultur wéi déi déi mir zu Lëtzebuerg, respektiv an Europa hunn, kennenzeléieren. Ech wollt eng nei Sprooch léieren a beherrschen, méi Selbstbewosstsinn gewannen an Erfarungen duerch den Austausch an d'Zesummeschaffen mat de Professionellen aus dem Projet sou wéi duerch d'Ubidden vu spezifesche Psychomotoriksseancen sammelen.



Wéi ech awer du bis ukomm sinn, hunn ech schnell gemierkt, dass et guer net sou einfach ass seng Ziler ze erreechen. Ech hu missten déi éischt Méint mat Kommunikatiouns- an Integratiounsschwieregkeeten mat der Equipe a mat mengem Tuteur eens ginn. Meng Plaz an der Kommunitéit hunn ech misste fannen a mech mat der Sprooch auserneе setzen. Et ass mat der Zäit e bësse besser ginn, mee ech hu mech haaptsächlech duerch d'Kenneléiere vun anere Volontairen an anere Leit déi och an der Kommunitéit liewe besser konnten integréieren. Déi Leit ëm mech an d'Zäit hu mer gewisen dass ech meng Ziler rofsetze muss, well d'Aarbechtskonditiounen, d'Aarbechtsmentalitéit an d'Kultur mir net onbedéngt déi Chancë gi meng Aarbecht sou auszeféiere wéi ech mer dat gewënscht hunn. Ech hu geléiert, dass d'Kanner net onbedéngt eng Psychomotorikerin brauchen, déi eng psychomotoresch Aarbecht mat hinne leescht, mee si brauchen einfach eng Persoun déi fir si do ass a mat där si eng kuerz awer wäertvoll Zäit verbréngе kënnen.





Ech schaffen all Moien an der "Casa de los niños" mat verschidde Kanner a Jugendlecher déi divers Handicapen hunn, wéi zum Beispill Autismus, Microcéphalie, Downsyndrom oder och e motoresche Retard. All 30 Minutte kënnt en anere Beneficiaire an ech pro-poséieren him eng psychomotoresch Seance, déi méi op d'Stimulatioun baséiert ass.

Ech hu mech entscheet mech och Mëttes a menger Fraïzäit ze engagéiere bei der Fondatioun "Bolivia Digna". Hieren Haaptprojet ass eng Hausaufgabenhëllef, sou wéi d'Ubidde vu verschiddenen Aktivitéiten fir vulnerabel Kanner. Ech schaffen elo säit puer Méint mat engem véier Joer ale Meedchen, wat net schwätzt, mee keng neurologesch Symptomer virweist déi den Accès un d'Sprooch hënneren. Duerch déi eent zu eent Aarbecht, kann hat elo d'Faarwe benennen, identifizéieren a Similitudë virweisen.


D'Sarah zesumme mam Pepito

Ënner anerem hunn ech mech och bei der "Casa Girasol" engagéiert, déi freides owes eng Iessensverdeelung fir d'Leit déi op der Strooss liewen organiséiert. Och sonndes sinn ech mat hinne matgaange fir de Kanner eng Hausaufgabenhëllef unzebidden. En anere Projet bei deem ech och matschaffen ass bei "San Igidrio". Si bidden och donneschdes owes eng Iessensverdeelung fir d'Leit un déi op der Strooss liewen.

Wärenddeems hunn ech mir e Frëndeskrees opgebaut, ech hat d'Chance de Peru wärend menger Wantervakanz ze entdecken a reese weiderhin duerch Bolivien fir déi eenzel Ritualer, Kulturen an Iessgewunnechte vun de Leit hei kennen ze léieren...


Hasta luego !

Sarah

## … Vivre avec le VIH/SIDA en Ouganda

En 2022, nous avons assisté à l'inauguration de l'annexe de l'hôpital Zia Angelina à Kampala en Ouganda. Ce bâtiment, nommé « empowerment building », a été financé par AMU et sert à la prise en charge de patients atteints par le VIH. A côté des formations professionnelles pour le personnel médical et des campagnes de sensibilisation autour du VIH/SIDA, des violences sexuelles et des maladies transmissibles, AMU finance tout un programme de formations professionnelles pour les patients VIH positifs.

Les patients VIH positifs doivent faire face à des niveaux élevés de chômage et de pauvreté, et à des travaux peu rémunérés. La stigmatisation reste un problème fréquent au sein de la communauté. Pour cette raison, il faut adresser le sujet d'un point de vue holistique et pas exclusivement médical. Cette réflexion a amené notre partenaire à utiliser la salle de formation du nouveau « empowerment building » pour aller une étape plus loin. Ce projet offre aux patients des formations professionnelles dans les domaines de l'agriculture, la couture, l'artisanat, la production de savons et l'entrepreneuriat. Le but est de réintégrer les patients dans la société et de leur permettre de retrouver leur dignité et un moyen de survie.



Au sein du nouveau "empowerment building"

Lors de la première visite en 2023, 114 bénéficiaires avaient terminé les formations avec succès et ont reçu un kit de départ pour se lancer dans des activités économiques. Les personnes touchées ont également été formées à l'entrepreneuriat et au marketing pour leur permettre de vendre leurs produits sur le marché. Parmi les 114 bénéficiaires, il y a 105 femmes et 9 hommes. On note que les femmes et les filles sont beaucoup plus touchées par le VIH/SIDA et ses conséquences. Ceci est dû au fait que les femmes se voient dans beaucoup de régions confrontées à un accès limité à l'éducation, ainsi qu'aux services de santé et à la protection sociale. De plus, elles sont souvent victimes de violences sexuelles et d'abus sexuels.


Formations en couture


Remise des certificats aux apprenants

En 2023, 6,6 % des femmes âgées entre 15 et 49 ans vivent avec le VIH/SIDA en Ouganda, tandis que 3,6 % des hommes sont touchés par le virus (UNAIDS 2023).

A côté de ces 5 domaines de formation, chaque année plus de 300 femmes et personnes s'occupant d'enfants en bas âge sont formées à la nutrition thérapeutique. Les mamans apprennent à nourrir leurs enfants de manière saine et équilibrée afin de prévenir les cas de malnutrition. Ces formations se tiennent lors des journées de vaccination à l'hôpital, tous les vendredis. Ainsi, nous pouvons atteindre un grand nombre de bénéficiaires. Le dernier vendredi du mois, une cuisine de démonstration pratique est réalisée avec la pleine participation des mères.


Formations en nutrition

Chaque année, notre partenaire teste plus de 3000 personnes au VIH/SIDA lors des campagnes de sensibilisation qui ont lieu quatre fois par année dans différents endroits de la ville. Les campagnes portent sur l'éducation à la santé en général afin de ne pas stigmatiser les participants. Des examens médicaux gratuits sont offerts et les soins de santé primaires sont dispensés. Les patients VIH positifs sont suivis avec les traitements adéquats au sein de notre hôpital partenaire, avec des visites à domicile qui offrent aussi un soutien psycho-social pour les familles concernées ainsi que par les tests de laboratoire qui sont nécessaires.

Jil Streber


Visites des bénéficiaires octobre 22022

Budget du projet: 250.001,56 €
Part MAEE: 200.001,25 €
Part AMU : 50.000,31 €

## ... Ënnerwee an Tansania

Mei Numm ass Max Steichen, ech hunn 21 Joer an ech studéieren Architektur a mengem 3. Joer zu Wien. Am September hat ech d'Chance zesumme mam Jean-Paul a mam Claude an Tansania ze reesen an d'Projete vun der AMU ze besichen. Zil vun eiser Rees war et de Kontakt mat de Partner op der Plaz ze erhalen an e genauen Iwwerbléck iwwert de Progrès vun den eenzelnen Projeten ze kréien. Fir mech war et awer haaptsächlech en éischte Kontakt mam afrikanesche Kontinent.

Eis éischt Visite hate mir bei den Theresienschwestern zu Nyaigando. Hei geet et ëm e Projet, bei dem Fraen a Gruppen un enger Formatioun zum Entrepreneurship deelhuelen

Réischt wéi de Claude an ech en Tuer duerch d'Duerf gemaach hunn, ass mir bewosst ginn, wéi wichteg dës Projete sinn. Leit déi soss hu missten d'Waasser wäit siche goen, kréien dëst lo am Duerf selwer. Jonk Leit di soss keng Chance op Bildung hätten, kréien hire Studium vun der AMU finanzéiert a kënnen dann an der Klinik schaffen. D'Leit hunn Zougang zu Medikamenter am Duerf fir déi si soss hu misse wäit zu Fous goen.

Eisen zweeten Dag zu Nyakaiga si mir eng Schoul fir Kanner mat spezifesche Besoine besiche gaangen. Hei goufe mir och erëm ganz häerzlech empfaangen a krute vun de Kanner gesongen. Dës Schoul gëtt vun de Schwëstere geleet, a bitt Kanner mat diversen Handicap eng Chance, déi se soss warscheinlech net géife kréien. D'Kanner hunn hei hir Klassenzëmmer an och Schlofkummeren.

Kichen do. Fir d'AMU ass et awer virun allem wichteg dass d'Schwësteren an awer och d'Léierpersonal déi mat dëse Kanner schaffen, di richteg Formatioune kréie fir dës Kanner ze betreien. Zousätzlech kann d'AMU kucke fir d'Infrastruktur ze verbesseren.

Um Wee vun Nyakaiga zeréck op Bukoba hu mir en Tëschestopp zu Kanjungutti gemaach. Hei hu mir eis eng Klinik fir Kanner ugekuckt, déi vun der AMU gebaut gouf. Mee, mir sinn awer och hei stoe bliwwen, an do hat de Claude recht, well si einfach di beschten Ananas uplanzen.

Zum Schluss vun eiser Rees si mir zu Dar Es Salaam d'NURU Klinik kucke gaangen. Hei gëtt et e Beräich extra fir d'Behandlung vu Kanner, dee vun der AMU realiséiert gouf. Et war schéin ze gesinn, dass sou ville Kanner an der Klinik gehollef gëtt.


Waasserpompelen






D'NURU Klinik


D'Kiche vun der Schoul fir Kanner mat spezifesche Besoinen


D'NURU Klinik


Den Empfang vun de Schüler


De landwirtschaftleche Projet an der Schoul







an duerno e Mikrokredit kënne kréien, fir sech kënnen eng eegen Aktivitéit opzebauen. Doduerch ginn si encouragéiert selwer ekonomesch Entscheedungen ze treffen.

Des weidere leeden Theresienschwestern eng Schoul fir jonk Meedercher zu Nyaigando, wou d'AMU eng Zousazformatioun fir d'Meedercher am Beräich vun der Landwirtschaft ënnerstëtzt. Och wann de Buedem, wou d'Felder ugeluecht sinn, net immens fruchtbar ass, ass et fir dës jonk Meedercher eng grouss Chance dës Formatioun kënnen ze maachen.

Den nächsten Dag si mir an d'Duerf Nyakaiga an der Regioun Karagwe gefuer, wou mir wärend 2 Deeg Projet'en an Aktivitéite kucke gaang sinn, déi d'AMU de Moment, zesumme mat senge Partner ëmsetzt. Des Weidere probéiert d'AMU och ëmmer Projeten ze besichen déi schonn ofgeschloss sinn. Dëst ass wichteg fir ze verstoe wéi d'Aarbecht vun de Partner um Terrain weidergeet. Sou hu mir eis de Kabindi Waasser Projet ugekuckt, deen d'Waasser de Bierg eroppompelt an d'Duerf, an sou d'Duerfawunner, Schoulen an eng Klinik versuergt. Ausserdeem hu mir eng Apdikt besicht, déi d'AMU viru 4 Joer, op Ufro vum Partner finanzéiert huet. All d'Autorisatioune sinn do an d'Apdikt ass mëttlerweil als offiziell Apdikt unerkannt. D'Haiser fir d'Personal vun der Klinik, déi lescht Joer fäerdeg gebaut goufen, sinn operationell a ginn och an deem Sënn genotzt.

D'Schwëstere sinn d'Engagegagement fir dës Kanner ab 2014 ugaang. Zuel vun de Kanner klëmmt permanent. Oft bréngen Leit hir Kanner dohin a kommen se net méi sichen.

Et feelt awer u sou villem. A si hunn d'AMU fir eng Ënnerstëtzung gefrot. Si hunn eis erkläert dass e grousse Sall fir z'iessen immens wichteg ass. Aktuell mussen d'Kanner an der Kapell oder dobaussen iessen. Et ass quasi keng

**Comment soutenir nos projets?**

**Vous pouvez manifester votre générosité par un don au profit de**

**Action pour un Monde Uni**
**BIL: LU14 0021 1349 0900 0000**
**CCP: LU83 1111 1287 6344 0000**

**Tous les dons en faveur de nos projets sous accord-cadre et du projet d'urgence sont cofinancés par le MAEE.**

Toute personne effectuant un don en faveur de l'Action pour un Monde Uni asbl, reçoit trimestriellement par voie postale une quittance reconnue par l'Administration des Contributions du Grand-Duché, ce qui permet de bénéficier du droit d'exonération fiscale.

Et war interessant des Erfarung kënnen ze maachen, a selwer ze gesi wéi d'AMU um Terrain schafft, wéi d'Leit liewen a ween déi Leit si mat deenen zesumme geschafft gëtt. Och wann een d'Leit heiansdo bësse skeptesch ukucken, kritt een awer eng enorm Dankbarkeet vun de Leit zeréck.

Max Steichen

Iwwert dëse QR-Code kënnt dir all eis aktuell lafend Projeten entdecke fir déi mer eis iwwert all Ënnerstëtzung freeën.

Payez mobile avec payconiq

Faites un don avec votre application mobile Payconiq (1,55% commission HTVA)

Si vous désirez recevoir notre bulletin par email, merci de nous faire un email à office@amu.lu

Conformément au règlement RGPD, AMU tient à vous informer que toutes vos données personnelles sont utilisées strictement pour des besoins internes et qu'elles sont enregistrées pour une durée maximale de 5 ans. Si aucune opération auprès de l'AMU s'effectue durant ces 5 ans, toutes vos données personnelles seront supprimées. Si vous désirez être retirés de notre base de données auparavant, merci de nous informer par email (office@amu.lu).